

FAQ Covid-19  
Forum Geesseknäppchen  
Versioun vum 13/04/2021

## Basis vun dësem FAQ

Dëst Dokument hält di konkret Ëmsetzung vun de Mesuren am Zenter fest. Als Basis gëlle d'Mesuren déi am sanitäre Konzept fir parasolaire Aktivitéiten vum SNJ vum 26.03.2021 festgehale sinn. All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während sengem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommandatioune vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemaach gi falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

## Inhalter

|   |   |
|---|---|
| 1. Wéini muss een eng Mask unhunn? .....                              | 2 |
| 2. Wou kann een sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen? .....          | 2 |
| 3. Ginn et Restriktioune bei der Zirkulatioun um Site? .....          | 2 |
| 4. Wéi organiséiere mir den Accueil? .....                            | 2 |
| 5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt? ..... | 2 |
| 6. Wéi gëtt d'Botze am Zenter organiséiert? .....                     | 2 |
| 7. Wéi organiséiere mir d'Büroe vum Personal? .....                   | 2 |
| 8. Wéi vill Leit dierfen an di verschidde Reuniounssäll ? .....       | 3 |
| 9. Wei ass d'lessen vum Personal organiséiert? .....                  | 3 |
| 10. Wat sinn d'Mesure wann de Serviceauto benotzt gett? .....         | 3 |
| 11. Oplëschtung vun der Kapazitéit vun de Säll.....                   | 4 |
| 12. Mesuren fir di eenzel Aktivitéiten.....                           | 4 |

## 1. Wéini muss een eng Mask unhunn?

Am Gebai gëllt eng generell Maskepflicht. Ausser während dem lessen oder wann een u sengem Büro setzt.

## 2. Wou kann een sech seng Hänn desinfizéieren/wäschen?

An der Entrée vum Gebai stinn Spender mat Désinfectant.  
Op verschidde Plazen am Zenter steet Désinfectant fir jidder Notzer zur Verfügung.

## 3. Ginn et Restriktionen bei der Zirkulation um Site?

Déi gesamt Circulation ass an eng Richtung gereegelt (entgéint dem Uhrzeigersënn), datt Kräizungen evitéiert ginn. Den Hall ass zweegedeelt an e Beräich „Entrée“ an an e Beräich „Sortie“. Dës sinn däitlech siichtbar mat Affichen gezechent an och mat Dëscher a Planzen ofgegrenzt.

Plazen a Raimlechteken wou Gruppen sech ophalen sinn vun aneren Leit, di näischt mam Grupp ze dinn hunn, ze evitéieren.

## 4. Wéi organiséiere mir den Accueil?

D'Personal an der Receptioun ass duerch eng Glasscheif geschützt.  
Fir d'Entgéinthuele vu Material wat vun Anere benotzt ginn ass, stinn dem Personal Händschen zur Verfügung.

## 5. Wéi gi mir mam Material em dat vu méi Persoune genotzt gëtt?

Grondsätzlech gëllt dat Material (Tabletten, Computeren, Telefonen, Handyen, Bicker, asw.) nëmme vun enger Persoun duerfe genotzt ginn.

Bei Material wat aneren zur Verfügung gestallt gëtt, gëllt dat dëst no all Gebrauch muss desinfizéiert ginn. De Service technique stellt hei speziellen Désinfectant/Lingetten an Händschen zur Verfügung.

## 6. Wéi gëtt d'Botze am Zenter organiséiert?

D'Botzpersonal huet d'Uweisung all Büroen, d'Sanitären a besonnesch och di eenzel Points de contacts (Klenschen etc.) méi reegelméisseg, och mat Désinfectant ze botzen.

## 7. Wéi organiséiere mir d'Büroe vum Personal?

- D'Büroe ginn esou opgestallt dat t'Distanz vun 2m tëschent de Leit respektéiert gëtt. Ass dëst net méiglech ginn d' Mataarbechter duerch Plexiglas Scheiwen oder aner Trennwänn ofgetrennt.
- D'Büroe an d'Material (Computeren, Bicker, Tabletten etc...) kennen net getosch ginn.

## 8. Wéi vill Leit dierfen an di verschidde Reunionssäll ?

- An de Reunionssäll gëtt d'Unzuel un disponibele Still reduzéiert fir sécherzestellen dat di virgeschriwwen Distanz kann agehale ginn.
- D'Reunionssäll ginn no all Reunion gelëft (wou méiglech). Dëst soll vun der Persoun déi d'Reunion aberuff huet, no der Reunion assuréiert ginn.
- Déi maximal Capacitéit vun all Raum ass predefinéiert.

## 9. Wei ass d'lessen vum Personal organiséiert?

- Éier eng Manipulatioun an der Kichen (Geräter, Geschier etc.) gemaach gëtt, mussen d'Hänn desinfizéiert ginn. An de Kiche steet e Spender mat Désinfectant zur Verfügung.
- Et dierfen net méi wéi 4 Persounen un engem Dësch setzen.
- Jidderee mëscht säi Kaffi selwer a setzt seng Kaffistaass an d'Spullmaschinn.

## 10. Wat sinn d'Mesure wann de Serviceauto benotzt gett?

- Wann zwee Leit am Auto sëtzen ass de Masque unzehalen
- Et dierf een net zu 3 op enger Bänk setzen. Och hei ass di maximal Distanz anzehalen.
- De Fuerer an de Bäifuerer sollen iwwer de ganzen Daag des selwecht Roll bäibehalen
- Virum Fueren an duerno mussen d'Steierrod, de Schaltknäppel, d'Handbrems, d'Diirgrëffer, de Réckspigel an och den Tableau de bord mat de Knäppercher desinfizéiert ginn.

## 11. Oplëschting vun der Kapazitéit vun de Säll

| Salle                   | Gréisst           | Maximal Capacitéit                |
|-------------------------|-------------------|-----------------------------------|
| Reunionssäll « kleng »  | 45m <sup>2</sup>  | 8 places assises/distance de 2m   |
| Reunionssäll « grouss » | 90m <sup>2</sup>  | 16 places assises/distance de 2m  |
| Salle polyvalente       | 800m <sup>2</sup> | 100 places assises/distance de 2m |
| Makerspace              |                   | 10 participants                   |

## 12. Mesuren fir di eenzel Aktivitéiten

### Allgemeng

- Maskepflicht op all den Aktivitéiten.
- D'Trainer halen sech un d'Gestes barrières (Distanz, Mask etc.)
- Virun, während a no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet Hänn ze desinfizéieren.
- D'Material gött vun den TR (Déi hun virdrun Hänn desinfizéiert) un TN verdeelt.
- All TN kritt sain Material an et gött net enereenen getosch.
- Material gött souwäit dat méiglech ass no der Aktivitéit desinfizéiert.
- Material wat net kann desinfizéiert ginn, gött fir 24 Stonnen erausgeholl an separat gelagert.
- D'Raimlechkeeten gi regelméisseg gelëft (mindestens awer no all Grupp deen fäerdeg ass mat sengem Workshop)

### Makerspace

- Wa méiglech gött Distanzregel vun zwee Meter agehalen.
- D'Visiteuren ginn duerch d'Lounge an de Space eran wou si dann och direkt hir Hänn mat Seef a Waasser kënnen wäschen.
- D'Visiteuren droen sech alleguer an eng Lëscht an.
- Am Space däerf weder gedronk nach giess ginn.
- All gréisser Aarbechtsflächen ginn eemol pro Dag vum Botzpersonal ofgemaach

### Bee Secure

- Wiederverwendbart Schoulungsmaterial (Kärtercher, Fîchen, etc.) gött vum Trainer virun der Schoulung a Klarsichthülse verpaakt.
- No der Schoulung ginn dës nees aus de Folien erausgeholl. Sollt direkt am Uschluss eng weider Formatioun sinn, ginn aner Hülse benotzt.